# Geografie - Aféierung

① Markéier op der Kaart op Säit 2 15 verschiddenen Elementer vum Land, déi s du kenns:

- Stied
- Gemengen
- Grenz Éislek/Guttland
- Fléss
- Attraktiounen

...


② Sëtzt iech a Koppelen zesummen a fëllt die folgenden Text mat deene passende Wierder aus.

Belsch 1x | Dikrech 1x | Däitschland 1x | Frankräich 1x | Gemengen 1x | Groussregioun 1x | Guttland 1x | Kantonen 1x | Lëtzebuerg 1x | Musel 1x | Norden 1x | Osten 1x | Sauer 1x | Süden 1x | Zentrum 1x | Éislek 1x

Lëtzebuerg läit tëschent dräi Länner: ___ , ___ a ___ . Deelweis ginn d'Grenzen duerch eng natierlech Barriär gebilt, d'Fléss ___ a ___ . D'Grenzregioune vun den Nopeschlänner forme mat Lëtzebuerg zesummen d' ___ . An där gëtt international zesumme geschafft wichteg Projete kënne realiséiert ginn. Territorial kann een zousätzlech d'Land an zwou Géigenden deelen, den Norden, genannt ___ , an de Rescht, d' ___ . Lëtzebuerg ass doriwwer eraus a verschidde Verwaltunge gegliddert. D'Geriichtsbezierker ___ an ___ definéieren, op wéi engem Geriicht juristesch Fäll traitéiert ginn. Wann all 5 Joer Wale sinn, ginn déi eenzel Deputéiert an deene véier verschiddene Bezierker gewielt: ___ , ___ , ___ an ___ . Dës Bezierker bestinn aus verschiddene ___ , vun deenen et 12 Stéck gëtt. Als nach méi kleng Unitéiten huet Lëtzebuerg 102 ___ , déi d'Verwaltung vun deenen eenzelen Uertschafte regléiert.



Angaben zu den Urhebern und Lizenzbedingungen der einzelnen Bestandteile dieses Dokuments finden Sie unter
https://www.tutory.de/entdecken/dokument/afeierung-geografie



*eng eidel Kaart vu Lëtzebuerg*



Angaben zu den Urhebern und Lizenzbedingungen der einzelnen Bestandteile dieses Dokuments finden Sie unter
https://www.tutory.de/entdecken/dokument/afeierung-geografie

③ Kontrolléier, ob deng Elementer op där richteger Plaz waren.

Wann net, kanns de se zesumme mat der Aufgab 5 verbesseren.

④ Uerdent a Koppelen d'Elementer bäi déi passend Regioun. Benotzt déi projezéiert Kaarten als Hëllef.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Iechternacher Spranprozessioun | 1 | | Zentrum |
| Gëlle Fra (Stad) | 2 | | Osten |
| Larochette / Fiels | 3 | | Süden |
| Gemeng Beetebuerg | 4 | | Osten |
| Stauséi | 5 | | Norden |
| Domaine Thermal Mondorf | 6 | | Zentrum |
| Escher Déierepark | 7 | | Norden |
| Uni Lëtzebuerg (Belval) | 8 | | Osten |
| Schlass Veianen | 9 | | Süden |
| Literaturzenter | 10 | | Zentrum |
| Musel | 11 | | Norden |
| Wemperhaart | 12 | | Süden |


⑤ Organiséier en theoreetesche Plang, wéi eng Attraktiounen een zu Lëtzebuerg soll gesinn hunn.

Markéier an notéier déi eenzel Plazen op der Kaart op Säit 5.

Maach d'Aufgab 5 als Hausaufgab bis deen nächste Cours!



Angaben zu den Urhebern und Lizenzbedingungen der einzelnen Bestandteile dieses Dokuments finden Sie unter https://www.tutory.de/entdecken/dokument/afeierung-geografie



*eidel Kaart vu Lëtzebuerg*



Angaben zu den Urhebern und Lizenzbedingungen der einzelnen Bestandteile dieses Dokuments finden Sie unter
https://www.tutory.de/entdecken/dokument/afeierung-geografie